



A6 - 15

# "THEATERKRIMI"



ENG EXPEDITION VUN

DE N

HOUWALDER EXPLORER

GRESST

MEGLECH

PERFEKTION

7. E SCOUT

BRENGT ET FÄRDEG

NOZELAUSCHTEREN

A MECHT NÄISCHT HALLEF.

TIMING:

PROWEN: MENDES : 19<sup>00</sup> Auer

MÖTTWOCHS: 19<sup>00</sup> Auer

THEATER: 23. Februar

ROLLEN: Kommissar	Marc Schmit
Graf Emil	Jean-Marie Krecké
Gräfin Snobia	Boris Schlentz
Butler James	James Nestler
Kutscher Edouard	Guy Meyer
Gärtner Jemp	Johny Vegelahn
Schlassgeescht	Claude Jung
Sekretär	Marc Lamesch
Doktor Pöll	Pierre Lavandier
Gäscht: Rollmops	Romain Grethen
	Claude Klein
Rimini	Patrick Wilhelmy
	Joel Johanns
Palmolif	Jean-Marie Huberty
	Marcel Huberty
Barton	Raymond Diederich
	Jean-Claude Jeitz
Fils Pier	Carlo Mersch
Fils Jang	Christian Linster
Chef d'orchestre	Serge Keiffer
Museker (Märder)	Armand Mertens
Museker	Guy Colling
Museker	Claude Berg
Denger Hipp	Daniel Conrath
Denger Jupp	Claude Koster
Journalist	Frank Keiffer
Polizist Rob	Gilles Estgen
Polizist Bulli	Gilles Bastendorff

Techniker (Tounband, Lueten) Paul Kemp  
Jean Jaeger

Regie Fränz Pauly  
Flüsterer " "

THEATER

23.2.1974

„Mötternuecht um Fräschenhaff“

Idéen: Houwalder Explorer  
Text : F.P.

Personnages: Kommissar Huelen Zant  
Graf Emil vum Fräschenhaff  
Gräfin Snobia vum Fräschenhaff  
Butler James  
Kutscher Edouard  
Gärtner Jemp  
Schlassgeesch, den weissen Hary  
Sekretär Nicky Schreiwmaschin  
Doktor Emmanuel Pöll  
Journalist Jack Quick  
PDG Gustav Rollmops a Madame  
Don Guiseppe di Rimini a Madame  
Bruno Palmolif a Madame  
Allistair Barton a Madame  
Fils Pier vum Fräschenhaff  
Fils Jang vum Fräschenhaff  
Kapell "De falschen Toun" 4 Museker  
Denger Jupp  
Denger Hipp  
Polizist Bob  
Polizist Bulli

Total: 28 Personen

Uert : Schlass  
Szenenbild : groussen Iessall festlechen Decors  
Zeit : nuets

"Mötternuecht um Fräschenhaff"

RIDEAU ZOU: (Tounband: Lidd vum Reinhard Mey: "Der Mörder ist immer der Gärtner")

RIDEAU OP : (Festlechen Dösch am groussen Iessall vum Schlass; Gäscht; Denger; Butler; d'Familgen vum Fräschenhaff; sie sin zum Schluss vum Iessen ugelangt; eng Auer weist 23<sup>45</sup> Auer. Den Graf stet op a klappt distinguert mat engem Leffel gent e Glass. Et get ro'eg.)

Graf Emil : Ech, Graf Emil vum Fräschenhaff, hoffen, dat Iech de succulent Fräschenhâmen geschmacht hun. Ech sin der Iwerzégung: Et get näischt besseres wé Fräschenhâmen op deser Welt.

Fils Pier : Pap, du vergesst, hips, den schotteschen Whisky, hips.

Graf Emil : Du, mat dir schwetzen ech net!... Wo' waren mir sto'en bliewen?

Fils Pier : Bei dengem Hâmen, Pap!

Graf Emil : Nach en Wuert, da kre'en ech eppes un mech!!!

Gräfin Snobia: Emil, denk un dein schwacht Herz. James, gé seng Pöllen sichen.

James : Jo, Madame!

Graf Emil : Ass schon gudd, Snobia! D'Fräschenhâmen hun mech ofgehärt.

Meng lew Gäscht! Ech gew Iech bieten opzesto'en a mat mir dat schent Lidd: "De Fräschen, de Fräschen" ze sangen. Maestro, fuert duer!

Maestro : 1 2 3

(Tounband spillt d'Lidd: "De Fräschen, de Fräschen". Museker mime'eren. Alles sengt mat, de Graf mat vill Begéschterung, de aner je no temperament a Funktion. Nom Lidd klappen se.)

Graf Emil : Bravo, Bravo! Maestro, dir kritt eng Béss vun mir. (Gelächter)

Gräfin Snobia: Emiiil!!!

Graf Emil : Entschölleg, entschölleg! Ech wollt so'en, eppes ze drenken. James, gé den Hâren eppes sichen.

James : Jo, Sir!

Gärtner Jemp : (könnt eraggestierzt) Meeschter, Meeschter! Huet en do nach Wieder! En vun ären vollgefrossenen Gäscht huet et sech erlâbt durch meng Poretten

ze trampelen, durch dé Poretten, dé zu Uwerschlenermanesch op enger Ausstellung den eschten Preis krueten. Zwo' vun hinnen hun hirt Liewen gelôs.

Graf Emil : Komm, bero'eg dech, Jemp. Den Schöllegen wärten mir schons fannen a beströfen. Zwé Deg lang get en dann an den Rätenturm agespärt. Allez, James, breng him och eppes fir ze drenken.

(Et schlét zwiellef Auer. Kurz durno get Luet lues a lues mé deischer bis hallefdonkel, eso dat en grad nach eppes geseit; d'Schlassgéscht daucht op --) UV-Tube ufänken)

Schlassgéscht : Ech, den weissen Hary, so'en nömnen en Satz:  
"Spielt mir das Lied vom Tode".

(Den Géscht verschwönd ness; an d'Lueten gin lues a lues ganz aus; Melodie vum virgenanntem Lidd)

Gräfin Snobia : Emiil!!!

Graf Emil : Keng Panik! James, eng Kerz. Ech gin d'Sicherungen andre'en.

James : Hei ass Kerz, Sir!

(Emil tapst aus; en Teller fällt; Geflüsters etc.; Schrei vum Emil; Kamédi; Snobia fällt schwach. Verschidde Leit läfen aus, wé d'Luet ness ugét. D'Denger brengen den Graf tod eran. En huet en Messer am Reck.)

Doktor Pöll : Losst mech lanscht ! Vielleicht leit en nömnen am Komma. Huhu, Graf Emilchen!

(E beguckt en; beklappt en; reselt en etc.)

Huhu, Graf Emil...Hmm... Opgepasst! Elo kommen ech mat mengen phantasteschen psychologeschen Trick!... Graf Emil! Wé wier et mat enger gudder Fräschenhäm?

Keng Reaktion! Ech, den Doktor Emmanuel Pöll, muss leider feststellen, dat den Graf Emil vum Fräschenhaff eis fir ömmer verlöss huet. Op den Schreck schnell eng Pöll!

(allgemeng Gejemmers; zwo Damen begléden d'Gräfin eraus)

Sekretär : Ech mengen, et get Zeit dat mir d'Police rufen.

M. Rollmops : Komm, Emelie, ech mengen, mir gin léwer hém. Den Gustav Rollmops mat senger Position kann et sech net erlâben, eppes mat der Police ze din ze kie'en.

Sekretär : Ech muss Iech awer bieten hei ze bleiwen, well d'Police brauch jidferengem seng Zeienausso'. Hipp a Jupp, losst kén eraus.

Kommissar : Ro'eg, soss spären ech iech bei Wässer a Bro't an.  
Fils Pier : Oh freck; mir vergéd den Durscht.  
(Journalist könn't eragestierzt mat Fotoapparat; blötzt e puernol)  
Journalist : Hei ass och schons den Jack Quick, Journalist,  
Spezialist vum Spezialen. Ech hun he'eren, et ass  
eppes speziales geschitt.  
Kommissar : Da fre' dech elo op meng spezial Behandlong.  
Bob a Bulli! Geheit en eraus!  
Bob a Bulli : Mat Fréd, Chef! (klengen Tumult op der Bühn)  
Journalist : Dat do lossen ech mir net gefälen. Lasslösen,  
lasslösen!  
(D'Polizisten schléfen en no baussen; Gerabbels vun Beäen;  
d'Polizisten kommen befridegt ness zereck)  
Kommissar : Bob!  
Bob : Jo, Chef!  
Kommissar : Du önnersichs elo alles hei, an an den Zömmere  
niewendrun. Alles wät dir suspekt schengt,  
brengst de bei mech. Oftrieden!.  
Ech fänken elo un mam Verke'er. Den Här an seng  
Madame do! (Palmolif)  
Den Rescht gét w. e.g. an den Sall niewendrun.  
Bulli, pass op se op.  
Polizist Bulli: O.K. Chef!  
Kommissar: Den Här fir d'escht. Numm, Geburtsdatum, Schong-  
grésst.....(Paus)..... Eraus mat der Sprôch!..  
(Neischt).  
Mme Palmolif : Bruno, da so eppes. Du wars et jo net!  
(Den Bruno ressel't den Kapp a petzt den Mond zo')  
Kutschet Ed. : Entschöllegt! Et ass wichtig. Watfir en Hammel  
huet sein Geböss an menger Kutsch leien gelöss?  
(Den Palmolif sprengt op; tuddelt eppes an det et un)  
Dir sidd en dégoutanten Typ. Stellt iech vir,  
eng Dame hätt sech drop gesät an d'Geböss hätt  
si gebass. An dat alles an menger Kutsch. Mei  
le'wen Männchen, dir könn't an Zukunft zu Fo'ss  
op den Fräschenhaff getröppelt kommen. Huet en  
do nach Wieder!  
Bruno Palm. : Regt iech of, Här Kutscher. Håptsach ass, ech  
hun mein Geböss ness zereck. Ech hun mech de'  
ganzen Zeit gefrot, wo' ech dat nömme leien  
gelöss hätt.  
Kommissar: . . . Dann huet dé Sâch sech also opgeklärt.

Mme Palmolif : Jo, Här Kommissar Huelen Zant, mein Mann hat nach  
 ömmer Schwieregkétén mat den Zänn.

Kommissar : Gudd, Gudd. Verle'ert se awer net ze oft, soss  
 tröppelt nach en drop.  
 Loss mir eis den nexten virkneppen. Bulli, den  
 nexten.

M. Barton : Här Kommissar, mein Num ass Allistair Barton..

Kommissar : Enchante'ert, Huelen Zant!

M. Barton : Ech soen iech et direkt....

Kommissar : Dir git den Mord zo'?

Barton : Ma nén, ech hun neischt mat der Sach ze din.

Kommissar : Oh, meng dir!

Mme Barton : Wät??? Dir verdächtigt mein Mann. Ward, Iech wärd  
 ech den Geck ausdreiwen.

(Gét mat engem Objet op hien duer).

Kommissar : Bulli, höllef, hël mir dé Schreckschrauw vum Leiw.

Bulli : Ro'eg Madame! Ro'eg. (versicht sie ze bero'egen)

Mme Barton : We' soll en do ro'eg bleiwen, bei dem kranken  
 Zant!

Kommissar : Huelen Zant, Madame!

Mme Barton : Huel oder krank, et könnt op dat selwecht eraus.  
 (D'Bartons gin vun Polizist erausgefefe'ert)

Kommissar: Ouf, gerett!  
 (lusen Kamédi; Schrött; Kommissar verstoppt sech; Gespenst  
 daucht op).

Gespenst : Ha... Ha..... Ha... !

(Kommissar trött aus senger Stopp erfir, d'Pistol am Grapp)

Kommissar : St...t...o...o...pp...pp o..de..r e.e.ech  
 sche..e..ssen...

(D'Gespenst drét sech öm a gét op den Kommissar duer, dé gét  
 lues zereck).

Kommissar : St..o...oo..ppp hu..hu.hun ee.cch.ch gesot.  
 (An dem Ableck könnt den Jack Quick eran a mecht mam Blötz eng  
 Foto; den Kommissar jeichtzt: AaaaH a fällt schwach; d'Gespenst  
 verschwönd)

Jack Quick : Eng sensationnel Foto:"Den Kommissar op Ge-  
 spensterjuegd"  
 Wo ass hien iwerhâpt verschwonnen?  
 ...Oh, den Armen kruet eng Schwächt.

(Bob a Bulli kommen eran)

Bob : Wät?den Zeitungsmetti ass eröm heibannen.

Bulli : Elo gét dir schlecht, mein Männchen.

Jack Quick : Lasslösen, lasslösen.....



(Kammédi, Gerabbels vun Bexen --)Kommissar könnt ness zo sech)

Kommissar : Mein Herz, mein Herz!

(Bob a Bulli kommen nees eran)

Bob : Wat ass geschitt Chef?

Bulli : Dir sidd esou bléich.

Kommissar : E Gespenst huet op mech geschoss.

Bulli : Sot Chef! Ech mengen dir huet schlecht geschlôf  
de lescht Nuecht.

Bob : Oder dir huet net genug giess an do kruet dir  
eng kheng mat dem Hunner.

Kommissar : Nondikass! Zweifelt dir un mengem Verstand?

Bob : Et huet en halt seng Ursachen.

(zu de Leit)

Kommissar : Ruft mir d'Denger. Dé wessen oft Beschéd wat am  
Haus gespillt get.

(Bob a Bulli aus)

M.di Rimini : Wat soll den Zirkus hei? Ech hun geward genug.  
(friemen Akzent) Ech war et net, well ech haten nach kaum e  
Messer am Grâpp.

Kommissar : Oh, dat ass mir nei, Här di Rimini. D'Italiener  
sin dach Messerfrönn, guckt emol d'Mafia.

M.di Rimini : Ech Mafia?? Oh, mama mia, get mir e Messer.  
E Messer!

Mme di Rimini: Guiseppe! Ro'eg! Dat ass eso, Här Kommissar. Mein  
Mann, de Guiseppe, esst schrecklech gären  
Spaghettis .

M. di Rimini : Ah, Spaghettis,spagnettis!!

Kommissar : Hmm, liecht iverspannt. Bei dem Kascht, kón  
Wonner. Och ass et schwe'er sech kriminell ze  
betätigen mat Forchette a Löffel, besonnesch  
wann et Plasticsgeschier ass, wé beim Här Graf  
Emil. Allez oftrieden. Ech kann keng Spaghetti'en  
mé gesin.

(Bob a Bulli fe'eren de zwé Denger eran)

Bob a Bulli : Hei sin de zwé.

Kommissar : Aer Nimm!

Hipp a Jupp : Hipp Jupp

Kommissar : Sot emol, géschtert hei am Haus vielleicht e  
Gespenst erôm?

Jupp : Dach, Här Kommissar. Kirzlech,.. dat hescht  
haut, hun ech et fir d'escht gesin. D'Herz ass  
mir bis an de deck Zéw gerutscht an et wier nach  
weider gerutscht, wann et net do hänken bliewen  
wier.

Hipp : E huet sech den weissen Hary genannt. Et wollt d'Melodie "Spiel mir das Lied vom Tode" gespielt kre'en.

Kommissar : Dir huet awer e makabert Gespenst. Erzielt weider.

Hipp : Dun sin d'Lueten ausgangen an et ass ness verschwonnen. Brrr! Mir läfen elo nach d'Schudder de Beck erof.

Kommissar : Soss ass et nie opgedaucht?

Jupp : Gott sei Dank, nie Här Kommissar!

Hipp : Soss wären mir schons lang net mé hei.

Kommissar : Et ass an der Rei. Bob a Bulli, git dir emol eraus an durchkemmt d'Alentouren. Dir zwé (weist op den Hipp an den Jupp) brengt d'Leit aus dem Niewenraum eran an git der Madame Gräfin sichen.

(Et könnt alles eran; sie schwetzen opgeregt matennen)

Kommissar : Den Butler w.e.g.!

James : Jo, Sir!

Kommissar : Ech hätt gären, dat Leit sech op hir âl Platzen setzen.

James : Get gemacht, Sir!

Kommissar : Ech machen elo eng Rekonstruktion. Während där Rekonstruktion sin ech den Graf Emil.

Fils Pier : Da passt op, soss huet dir nach e Messer zwösch den Röpfer stiechen. Well wann et deischer get, sin all Katzen gro'!

Fils Jang : Häl dach dein versoffenen Mond, soss mengt én nach du wierst et gewierscht.

Fils Pier : Ho, dat ech net lächen. Ech sin dach gudd mat all Mönch, besonesch mam Whisky.

Fils Jang : Dat ass dach kén Mönch!

Fils Pier : Mé, et ass awer mein beschten Frö nd!

Doktor : Sot, Här Kommissar! D'Gespenst könnt och nach eng Ke'er an der Rekonstrukti'o'n wier?

Kommissar : Nén, Här Pöll!

Doktor : Villmols merci, well soss hätt ech nach eng Pöll geholl fir dem terriblen Schock ze widersto'en.

(Bob a Bulli kommen eran mat engem weissen Duch an mam Jack Quick)

Bob a Bulli : Chef, Chef! Am Porettegård hun mir dest weiss Duch fond. Den donat eröngeschtert ass, huet sech aus dem Stöps gemät. Zwösch den Rosensteck ass en âlen Bekannten erömgekroch.

Jemp  
M. Roll : Edouard, komm höllef mir. Da geheien mir dé onzivilise'ért Borschten aus dem Haus eraus. An den Poretten an an den Rosen sin sie hinanhir-gelâf!

Edouard : Et ass mir eng Fréd, Jemp! Well dat do ass gerad eso' schlömm wé dé Affair nam Geböss.

Kommissar : Stop! Dén puecht mengentwegen eraus.  
(weist op den Jack; den blötzt nach)  
Mé meng Polizisten losst der mer nach hei, well dé kann ech nach eng Weil gebrauchen.

Edouard : Komm Jemp, losst mer net lang faxen a geheien dé onverschient Person an den Wassergruew vun Schlâss.

Jack : Lasslösen, lasslösen. Ommer müssen d'Journalisten den Kapp duerhâlen. Lasslösen, dajé, lasslösen nondikass!

(Sie schléfen den Jack eraus; en langgezunen Kreesch; Plouf vun Wässer; den Bulli ass mat erausgangen)

James : Madame Snobia vun Fräschenhaff!  
(Alles stét op; sie könnt eran a setzt sech)

Kommissar : Merci Madame, dat der komm sit, ech sin an gang dé tragesch Affair ze rekonstrue'eren.  
So', wann alles eso' weit ass, dann können mir ufänken.  
Här Musikus, könnt dir mir w.e.g. e Bic lénen?

Musiker : G..Gären, Här Kommissar.  
(Den Musiker necht den Paltong op; helt den Bic eraus; dobei fällt en bluddeg Nuesschnappech; Tumult, Kreesch).

Kommissar : Aha!  
(triumphierend) Wât ass dat do?

Musiker : Dat do? Här Kommissar.  
M..Mein Bic... Mein rôden Bic, Här Kommissar, ass ausgelâf.

Kommissar : Dann loss mer emol ären roden Bic probe'eren.  
Du hues Pech, mein Jong. E schreiw blo.

(E weist den Ziedel dem Publikum; den Musiker wöllt fortlâfen; den Edouard, den Sekretär wöllen hien unhâlen)

Sekretär: Heigebliewen, Männchen!  
(Sie kre'en en net; sie fâlen allebéd; eng kleng Poursuite op der Bühn, vill Gejeis; etc.; Polizist hält en un).

Bob : Ech hun en Chef!

Kommissar : A la bonheur, dofir kris du eng blechen Médaille!

Bob : Villmols Merci, Chef!

Bulli : Chef, hei brengen ech Iech den âneren Gangster.  
(könnt eran mat enger onbekannter Perso'n)  
En huet zogin, d'Gespenst gespilt ze hun. Den  
Märder hat hien fir e puer Groer am Durfbistrot  
engage'ert.

Kommissar : So' elo zu dir! (gét bei de Märder). Wirwât hues  
du den Mord begangen?

Museker : Ech sin en âneren, wé der mengt. (det den Bârt of).  
Ech sin dem Graf Emil sein klengen Cousin.

Kommissar : Ass dat wuer, Madame?

Snobia : Tatsächlech, et ass den klengen Cousin aus  
Amerika. Mein Mann konnt en nie brauchen, well  
hien ömmer den Geck mat den Fräschenhâmen gemât  
huet. Dofir huet hien en aus dem Testament  
gestrach.

Kommissar : Aha!

Musiker : Dest Jo'er hun ech all mei Geld zu Monte-Carlo  
am Casino verspillt. Ech sin à plat. Ech hun  
masseg Scholden. Dunn sin ech hémlech heihinn  
komm, hun d'Testament onbenierkt geklaut an en  
falscht an d'Platz geluet an schnell geguckt dat  
den Älen an den Himmel komm.

Kommissar : Dat ass en komplett Geständnis. Am Numm vum Gesetz,  
dir sid verhaft.

(Den Fotograf kon lues erageschlach; blötzt; et bleiwt alles  
star sto'en we' beim "Kommissar"; Melodie vum Kommissar";  
geschitt alles direkt man leschten Wuert).

R I D E A U

Howald, den 11. Januar 1974

N O T I Z E N

A. - Wat brauch ech vun Kléder?

- Wat kann ech vun Matériel beschäfen?

B. Divers

C. BILAN

++

--

Conclusionen: